Tournoi de l'Amitié 2010.

Bei 38° Grad, schéinem Wieder awer ganz vill Wand, ass Möttwochs déi **Beetebuerger Equipe** géint 8 Auer um Margrietkanal zu Kootstertille an Holland ukom an hun direkt vun 11°° bis 14°° Auer mam Training ugefang. 3 Fescher op 13m an 3 Fescher op 6 - 9m.

Schnell konnte mer feststellen, dass d´Hollänner hei doheem woren an näischt wollten ubrennen lossen. Net manner wéi 3 vun hinnen wunnen och gleich bei desem Kanal an wossten genau wât ze machen war.

Beetebuerg huet Möttwochs um Training wéi och déi anner Natiounen net all zevill gefang. Teschend 6 - 8m huet de Romain an de Philippe zwar +- 60 Fesch gefang (+- 1500grs) awer dat gouf net duer, well deen een an deen aneren och mol eng Bréissem gefang huet an d´Hollänner deser etlech méi.

Den 2 Dag dann hu mer beschloss eis Taktik ze änneren an och nei an eisem Fudder ze réieren.

Dun huet de Val um Kapstand vill Bréissemen gefang an och de Nic an de Romain louechen ganz gut.

De Fränk an den Heng hu sech nach e wéineg schwéier gedongen awer et wor schons besser wéi deen 1ten Dag.

Zum Schluss vum Training fängt de Fränk awer nach 4 Bréissemen an dat ganz schnell hannert en neen.

Déi Streck muss enn soen ass fantastesch agericht, do huet all Fescher op 12m e festen a properen aus Holz gebauten Podium, awer an 3 Stonnen sin net manner wéi 30 Scheffer an 80 Jachten laanschtgefuer an e pur mol hu mer bei decken Scheffer déi 13m Stang missen zerèckzéien.

Deen Här, deen des Stänn gebaut huet, huet eis gewarnt a sot dass den Sektor A + B an nach 3 Stänn am C gut wieren, an déi ennescht Sektoren net.

Et gouf gelouest, an den Fränk koum an de E, den Heng an den D an do hu mer Blut geschweest fir e pur Fesch ze fänken.

Den Nic an den Romain krouten e Stand am Sektor A + B an hun do hiren Mätch gut gemach.

De Philippe mat starkem Réckwéi mecht nach eng 2 am Sektor C.

Fir deen 2ten Dach kruten de Nic an de Romain am Sektor A + B zou gelouest . De Val am Sektor C, an de Fränk an den Heng erem am Sektor D + E . (sou guer de guden Kapstand am Sektor E huet deen éischten Dag nemmen 1 Fesch do gefang)

De Nic mat e bessen méi Chance hätt konnen desen Mätch wannen. hien krut den éischten Dag eng Bréissem zum Schluss net mat Zäiten eraus an huet se missen erem asetzen.

De Romain huet sein Mätch gutt gemeet, huet awer och eng an déi anner Bréissem laafen geloss.

De Philippe deen jo nemmen een Dag gefescht huet, muss een soen war gut drop, leider zevill de Reck wéi.

De Fränk fängt a sengem Sektor 55 Fesch, fir déischt kleng Roudaen an dun emmer méi schéiner a packt et nach fir eng 3 draus ze machen.

De Val deen den 2ten Dag gefëscht huet, huet och alles richteg gemach.

Den Heng huet am Ufang kleng Fesch op 9m gefang, huet awer gemierkt dass ennen um Kap a sengem Sektor de Italiener an den Hollänner wou den 1ten Dag näischt gefangen gouf, deck Bréissemen gefang hun an ass schlussendlech op 13m gang, fängt eng deck Rouda, an 3 Güster. Op der Woo war dann d´Äntwert, 2 Fescher a sengem Sektor hatten nemmen 3 Fesch opzeweisen, awer leider méi decker. Dat goufen 5 Punkten an dat war déi drett Platz mat 2 Punkten hannert den Italiener.

Wann een mengt et wär nemmen einfach opzeleen gewiescht, dat wor et net. Eng ganz spéziell Methode fir Bréissemen ze fänken war et schon. De Grond war wéi Trâpen an du hues missen an der déiwster Kant feschen. Schued mir hun och e pur Aalen gefang awer déi sin an Holland geschützt an hun se erem missen asetzen.

Mir hatten eng fantaschtesch Embiance an der Equipe an hun nom Banquet deen een dan anneren Humpen net stoen geloss, mer wollten jo och nach mam Fränk Meis sein Titel vum Weltmeeschter feieren.

E sou gour d´Hollanner haten hien net vergiess, an um Banquet krut hien e Cadeau iwwerreecht.

D´Hollänner waren net ze schloen an hun verdingt gewonnen.

Merci Kollegen dat waren super 4 Deeg zesummen ennert richteg Kollegen.

E groussen Merci un eis Sponsoren:

Fishing World , dem Här Pierre Dhers an onsem ganzen Verein.

Tintinger Heng

Frank Meis, Champion du Monde individuel 2010.
2010/07/10 08:56

2010/07/10 19:53